**Anne – Freiburg, Däitschland – 5. Joer**

**Oktober 2023 – Trieste, Italien**

Ech sinn d'Anne an hei ass mäi Rapport vu mengem SCOPE an der Anästhesie zu Trieste an Italien.



Vu Säiten vun der ALEM huet alles mat der Umeldung top geklappt, ech war gutt informéiert an et gouf vu béide Säite séier op meng Froe geäntwert. Lästeg bei der Umeldung an Italien ass, dass ee muss een Tuberkulin-Test maachen, deen zimmlech veraalt ass an net vun der Krankekeess iwwerholl gëtt (huet an Däitschland ongeféier 50€ kascht), soss gouf et keng gréisser Problemer. Ech krut 2 Méint viru Stageufank meng Card of Confirmation – Trieste war initial net a menge Choix'en fir d'Stied, mee mäin éischte Choix fir den Department war Anästhesie, soudass ech trotzdeem zefridde war.

Ech gouf fréizäiteg vum LEO vun Trieste wéinst diversen administrative Saachen ugeschriwwen. 2 Wochen ier ech fortfléie sollt krut ech beemol keng Äntwert méi, sou dass ech e bësse besuergt war, mee 2 Deeg viru mengem Départ koum dunn nees eng Äntwert an et krut ee vill Infos zu der Organisatioun – leider relativ kuerzfristeg, soudass ech nach séier am HRS misst nofroen, op ech vun hinne kéint 3 Tenuen surgical scrubs geléint kréien! Den Dag drop gouf ech vum Anna, menger Contact Person, ugeschriwwen. Jidderee vun den Incomings hat eng perséinlech Contact Person. D'Anna war ëmmer disponibel fir all Fro déi ech hat, an ass mat mir zum Beispill ee Busticket fir de Mount kafe gaangen a war och den éischte Moie mat mir an d'Spidol, fir mer alles ze weisen, mech op déi richteg Plaatz ze bréngen an no mengem Tutor ze froen. Dat hunn ech wierklech immens appréciéiert.

De Logement war fir den LC schwiereg: si haten u sech eng Wunneng fir alleguerten déi 5 geplangt Incomings, si kruten déi awer 2 Woche virum Ufank vum Stage gecancelled an hunn du missten séier eng Alternative fannen. Ech war bei enger Gaaschtfamill logéiert: et war eng Koppel an hiert 26-järegt Meedchen – hire Jong huet och Medezin studéiert, mee war grad am Erasmus, soudass seng Kummer fräi war. Leider hate si déi éischt puer Deeg wou ech do war Covid, sou dass ech hu missen fir e puer Deeg bei deenen aneren 3 Incomings an hirer Wunneng bei engem Meedchen an der Kummer schlofen, wat bëssen enk war. U sech hätt



nach een anert Meedche mat mer an der Famill logéiert solle sinn, schlussendlech konnt hatt wéinst Problemer mat sengem Visa net kommen an ech war alleng, wat e bësse schued war, mee net dramatesch. Meng Gaaschtfamill war immens léif a gaaschtfrëndlech: ech krut zum Beispill owes ëmmer mat gekacht wann ech doheem war a si hu mech un engem Weekend mat op ee klengen Hike geholl, mee ech hat awer och komplett Fräiheet ze maache, wat ech wëll (ech hat een eegene Schlëssel, konnt selwer kachen wann ech wollt, kommen a goen wéini ech wollt etc.).

Och mat mengem Stage war den Ufank bëssen holpreg: d'Spidol hat méi laang wéi geplangt gebraucht fir meng Versécherung ze approven, dofir konnt ech réicht Mëttwochs amplaatz Méindes ufänken. Moies hunn ech mam Bus gutt 45 Minutten bei d'Spidol gebraucht, an hunn all Dag tëschent 7:30 an 8 Auer ugefangen. Ech war am Cattinara Ospedale, hier Universitéitsklinik. Den éischten Dag moies hunn ech mäin Tutor getraff. Heen huet mer fir d'éischt d'Intensivstatioun an den OP-Trakt gewisen a mech dunn mat engem Assistenzdokter matgeschéckt. Deen Assistenzdokter war immens léif an huet sech de ganze Stage em mech gekëmmert – ech war oft bei himm am OP, mee heen huet mech och an aner OP'en geschéckt, fir dass ech sou vill verschidde Saache wéi méiglech konnt gesinn. Och déi aner Anästhesiste ware ganz fein, souguer wann se net sou gutt Englesch konnten. Déi meescht Assistenzdoktere konnten Englesch (méi oder manner gutt) an hu probéiert, mir vill ze erklären. Et gouf awer soss strictement Italienesch geschwat, an et konnt och wierklech méi Personal wéi ech duecht keen oder just e bëssen Englesch – e puer Italieneschkenntnisser sinn dofir definitiv vu Virdeel ☺ Wéivill ech geléiert hunn a praktesch maachen dierft, war natierlech e bëssen ënnerscheedlech. Bei „mengem" Assistenzdokter dierft ech awer ab der zweeter Woch de Patientemonitoring ubréngen, venös Zougäng leeën, all d'Medikamenter virbereeden an ureechen an de Patient bei der Aleedung ventiléieren a Larynxmaske leeën, bei



einfache Patient*innen och intubéieren. Dat war scho wäitaus méi praktesch, wéi dat wat déi italienesch Student*inne maachen dierften – déi stounge meeschtens wärend der ganzer OP just do nozekucken an dierften näicht selwer maachen. Op Nofro hu si mir gezielt, dass een an Italien nom Studium quasi nach 2 Joer Anaarbechtung an der Residency huet, wou een dann eréischt richteg praktesch Saachen däerf maan. Patientekontakt hat ech net sou vill – ech hat mer dat awer mat der Anästhesie och esou rausgesicht, well ech keen Italienesch kann an dofir souwisou net vill mat de Patient*inne schwätze konnt.



Fräizäit hat ech zimmlech vill, vu dass ech all Dag tëschent 12 a 14 Auer dierft heem goen, a sie et och net esou genau geholl hunn, wann ee mol een Dag gefeehlt huet. Trieste ass eng wonnerschéin an immens underrated Stad um Mier an am Oktober war et am Ufank och nach zimmlech waarm, sou dass ech vill Zäit dobausse verbruecht hunn. Ech hu mech oft mat deenen dräi aneren Incomings getraff a mir si Pizza oder Pasta iesse gangen, oder hunn eis baussen an d'Sonn gesat a Kaarte gespillt. Den éischte Weekend war zu Trieste d'Barcolana, déi gréisste Seegelregatta an Europa, wat mir eis natierlech och net entgoe gelooss hunn. D'italienesch Student*innen waren zudeem ganz welcoming an hu sech mam Social Program vill Méi ginn. Mir ware mat hinnen en Tour duerch d'Stad maachen, Glace iessen oder eppes drénken, op d'Plage, ee Schlass an der Géigend besichen an natierlech gouf et och eng National Food and Drinks Party. Ech hat selwer och ee Kuerztrip op Venedeg gemaach, wat just 2 Stonne mam Zuch fort ass, an no mengem Stage war ech fir puer Deeg a Slovenien, wou ee mam Auto och an 20 Minutten ass.

Fir e SCOPE-Stage an Italien muss een also eng Grëtz Gedold a Flexibilitéit matbréngen, vu dass net alles esou perfekt organiséiert ass, wéi mir et vläicht zu Lëtzebuerg gewinnt sinn. Zousätzlech muss ee sech bewosst sinn, vu dass si dat ganzt Joer iwwer Leit a ville verschiddene Stied huelen, dass et keng ganz grouss Grupp un Incomings wäert ginn, sou wéi dat an anere Länner de Fall ass. Dovun ofgesinn kann ech de Stage nëmmen empfeelen, fir vun der häerzlecher Gaaschtfrëndschaft vun den Italiener*innen ze profitéieren!

Ech wënschen iech ganz vill Spaass bei ärem SCOPE Exchange!
Anne

ALEM a.s.b.l.
2, Avenue de l'université
L-4365 Esch-sur-Alzette

contact@alem.lu
alem.lu

alem.lu
alem.luxembourg